N°1835
Entrée le 24.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.01.2025

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kooperatioun weiderzeleeden.**

De Global Education Monitoring Report weist op e Finanzéierungsdefizit vun ongeféier 100 Milliarden US-Dollar fir d'Areeche vun de festgeluechten Educatiounsziler hin. International gëtt recommandéiert, tëscht 15 an 20 Prozent vun den ëffentlechen Ausgaben oder 4 bis 6 Prozent vum PIB an d'Bildung ze investéieren.

D'Partnerschaften tëscht Länner, besonnesch d'Ënnerstëtzung vun internationale Bildungsinitiativen, spillen eng wichteg Roll beim  Areeche vun de globalen Educatiounsziler.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi engagéiert sech Lëtzebuerg bei Global Partnership for Education an Education Cannot Wait, a wéi eng finanziell Participatioun ass virgesinn?

2. Wéi deelt sech de Kooperatiounsbudget op déi verschidden Niveauen an Aktivitéiten op a wou gesäit d'Regierung Bedarf fir zousätzlech Investitiounen a Bildung bei eise Partner?

3. Wéi eng Strategie verfollegt d'Regierung bei eiser Kooperatioun am Bildungsberäich?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten